Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (11.07.2019)

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
11 JUIL. 2019
889

Lëtzebuerg, den 11/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft & Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

Op der Website vum Landwirtschaftsministère gouf kommunizéiert, dass am Kader vun der Bekämpfung vun der Schwéngspescht 226 Wëllschwäin negativ op ASP kontrolléiert goufen. Vu, dass dës Wëllschwäin also net duerch d'Schwéngspescht ëmkomm sinn, ass eng aner Ursaach de Grond vun hirem Doud.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Vu dass den ASP als Doudesursaach vun deenen 226 Wëllschwäin ausgeschloss ass, wéi eng Doudesursaache goufe bei de Wëllschwäin festgehalen?
  - Wéi vill vun den analyséierte Wëllschwäi sinn duerch eng Juegd oder opgrond vu Verletzungen duerch een Opprall gestuerwen?
- Opgelëscht pro Gemeng, vu wou aus goufen déi insgesamt 226 Wëllschwäin an de Laboratoire bruecht?
- Gouf no den Analysen am Centre de Collecte Mamer den Avis vun engem weidere Laboratoire erugezunn? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député